N°1738
Entrée le 11.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1738 vun den éierewäerten Deputéierten Jeff Boonen an Octavie Modert**

1. **Wat fir direkt Schied gi bei enger Wollefsattack genee kompenséiert?**

Am *Règlement grand-ducal du 30 août 2023 concernant l'indemnisation des dégâts matériels commis par certaines espèces animales protégées et les subventions pour les mesures préventives y relatives* steet Folgendes :

"***Art. 4. Indemnisation des dégâts causés aux animaux d'élevage***
*(1) Le ministre indemnise les dégâts directs causés aux animaux d'élevage qui ont été tués ou blessés par le loup, dans les cas suivants :*

*1° au cas où le loup est identifié comme l'auteur de la mort respectivement des blessures de l'animal concerné, à hauteur de :*
*a) 100 pour cent de la valeur vénale de l'animal tué par le loup ou euthanasié à la suite d'une attaque de loup jusqu'à concurrence maximale de 200 % de la valeur vénale moyenne des animaux de cette même catégorie ;*
*b) 100 pour cent des frais de vétérinaire en relation avec le traitement de l'animal blessé jusqu'à concurrence de la valeur vénale de l'animal.*

*2° au cas où le loup ne peut pas être exclu comme l'auteur de la mort respectivement des blessures de l'animal concerné, à hauteur de :*
*a) 75 pour cent de la valeur vénale de l'animal tué par le loup ou euthanasié à la suite d'une attaque de loup jusqu'à concurrence maximale de 200 % de la valeur vénale moyenne des animaux de cette même catégorie ;*
*b) 75 pour cent des frais de vétérinaire en relation avec le traitement de l'animal blessé jusqu'à concurrence de la valeur vénale de l'animal.*"

Déi finanziell Evaluatioun gëtt vun der Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) gemaach, *au cas par cas*.

2. **Wat fir indirekt Schied duerch de Wollef ginn indemniséiert an zu wat fir engem Taux ?**

De Beräich vun den indirekte Schied ass am Wollefsmanagementplang gereegelt. Dorënner fale beispillsweis Doutgebuerten, Produktiounsausfäll, den Ausbroch vu Béischten oder nach den Opwand fir eng méi schwiereg Haltung no engem Wollefsugrëff.

Déi finanziell Evaluatioun gëtt och hei vun der ASTA gemaach, *au cas par cas*.

Déi indirekt Schied ginn zum selwechten Taux indemniséiert wéi am uewe genannten Artikel 4 beschriwwen.

3. **Gëtt Evaluatioun vun den indirekte Schied large gehandhaabt, well et direkt Konsequenze vun enger Wollefsattack sinn?**

   Déi finanziell Evaluatioun gëtt vun der ASTA gemaach, *au cas par cas*, wann ee vun den uewe genannte Fäll agetrueden ass.

4. **Wéi vill Schuedensfäll sinn iwwert de Wee vum Wollefsmanagmentplang vun 2017 bis elo indemniséiert ginn, a wat fir e Montant ass insgesamt ausbezuelt ginn?**

   Säit 2017 sinn 7 Fäll indemniséiert ginn, mat engem gesamte Montant vun 7296,86 EUR.

5. **Plangt d'Regierung, de Wollefsmanagmentplang vun 2017 ze aktualiséieren?**
   Jo.

6. **Leien d'Resultater vun der Genanalys scho vir?**
   Jo.

7. **Wa jo, wat koum bei der Untersuchung eraus, sinn déi zwee Schof vun engem Wollef gerass ginn?**

   Jo.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2025

(s.) Martine HANSEN

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau